N°4773
Reçue le 27.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 27 AOUT 2021

**Objet : Question parlementaire n°4773 du 30 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred KEUP concernant « Fourrière dans le sud du pays »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madamm Sam TANSON, Ministerin fir d'Justiz, op déi parlamentaresch Fro n° 4773 vum 30. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierten Fred KEUP iwwert " Fourrière dans le sud du pays "**

**Ad 1.) :**

De Crassier Terres Rouges ass en Terrain vague, deen nët befestegt ass, an domadden nët gëeegent ass, fir datt do reegelméissege Verkéier mat Dépanneuse stattfënnt. Doriwwer eraus ass den Terrain nët geséchert, an och do wären d'Autoen dem Vandalismus ausgeliwwert.

**Ad 2.) :**

Am Fall vun den Autoen, déi mat "Krallen" am Süde vum Land stinn, schwätzen mir vu immobiliséierten Autoen, déi vun der Police séchergestallt ginn. Déi kommen an eng Fourrière administrative a ginn an de meeschte Fäll vun hire Besëtzer no e puer Deeg rëm aus der Fourrière ofgeholl, nodeem se hire Protokoll an d'Fraisen fir d'Ofschleefen an d'Versuergen an der Fourrière bezuelt hunn. Wann déi Fourrière op nationalem Plang géif organiséiert ginn, da missten d'Bierger aus dem ganze Land dohin hiren Auto rëm aléisen goen. Well dat awer ëmständlech an nët biergerfrëndlech ass, prekoniséiert d'Police eng Fourrière administrative pro Regioun.

Déi saiséiert an konfisquéiert Autoen kommen an d'Fourrière judiciaire zu Suessem oder op Colmar-Bierg. Fir d'Joër 2020, stoungen ronn 555 Autoen an den respektiven Fourrièren, woubäi awer och 325 Autoe verkaf gi sinn. Laut dem Gestionnaire, sinn och dës Fourrièren op hirer Limit ukomm.

Aktuell kënnen just Autoen verkaf ginn déi "délaisséiert" goufen an no enger gewëssener Frist net reklaméiert goufen, am Respekt vum Artikel 17§7 vum Code de la Route, respektiv déi Autoen déi duerch en rechtskräftegt Geriichtsuerteel konfisquéiert goufen. Den Projet de loi n°7452 iwwert d'Schaaffen vum "Bureau de Gestion des avoirs" gesäit zukünfteg vir dass och saiséiert Objet'en, ewéi z.B. Autoen, kënnen veräussert ginn wann notamment den Risque vun enger Dépréciatioun besteet, waat jo bei Autoen ganz gären den Fall ass. Des nei Dispositioun misst et dann och erméiglechen fir d'Fourrièren ze entlaaschten.

**Ad 3.) :**

De Problem gëtt mat der klammender Zuel vu Résidenten a Frontalieren, an domadden mat der klammender Zuel vun Autoen ob der Strooss, méi grouss.

**Ad 4.) :**

Och auslännesch Autoe ginn zu Lëtzebuerg séchergestallt, wann e Verstouss géint lëtzebuerger Reegele virläit. Déi lëtzebuerger Prozedur, ob administrativ oder judiciaire, ass onofhängeg vun der Nationalitéit vum Propriétaire, an och onofhängeg vum Land, an deem den Auto ugemellt ass. Dofir kënnen déi nët einfach exportéiert ginn.